01/2024

# de bulletin



**Editorial vum Patrick Remakel**
Wat fir en Trauerspill, oder gëtt et vläicht eppes ze verstoppen ?

**E System a säi Personal stoussen un hir Grenzen. E Plädoyer fir méi Preventioun amplaz vu Reaktioun.**

**News aus der « Voie de Préparation »**

**INTERVIEW mam Bianca Kaminsky**
Resilienz für Lehrkräfte

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

ROOM
Luxembourg

- Schulmöbel
- Bibliotheken
- Kindergartenmöbel
- Themenräume
- Konferenzräume









Möbel mit vielen Möglichkeiten



11, Um Lënsterbierg - L-6125 Junglinster - Tel: 288 00 11 - info@room-luxembourg.lu - www.room-luxembourg.lu

# Sommaire

debulletin
1/2024

02 Editorial vum Patrick Remakel
Wat fir en Trauerspill,
oder gëtt et vläicht eppes ze verstoppen ?

06 Info aux membres :
Consultation nationale des acteurs
de l'école fondamentale

14 Résolution AD: A-EBS

18 Communication lors de l'alerte aux intempéries

22 Demande d'entrevue

24 Parlamentaresch Fro Nr. 45

26 Renouvellement statutaire
des organes du SNE/CGFP

28 E System a säi Personal stoussen un hir Grenzen.
E Plädoyer fir méi Preventioun amplaz vu Reaktioun.
Auteuren : Isabelle Loewenstein a Christian Kohnen

32 News aus der « Voie de Préparation »
Auteur : Nicolas Thill

35 30 années au service du SNE
Une fête à l'honneur de Stéphane Pacini

42 INTERVIEW mam Bianca Kaminsky
Resilienz für Lehrkräfte

46 SNE Events
Iwwerbléck iwwert
eis Aktivitéiten 2024

# Éditorial

## Wat fir en Trauerspill, oder gëtt et vläicht eppes ze verstoppen ?

Am September 2021 gouf den SNE/CGFP vum « Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire (OEJQS) » kontaktéiert, fir e Rendez-vous auszemaachen, mam Zweck, eis hir national Enquête virzestellen, déi ënnert der Bezeechnung « Consultation des enseignants de l'enseignement fondamental au sujet de leur métier et des difficultés qu'ils rencontrent. Une étude participative » lafe géif.


Am Oktober 2021 huet den SNE/CGFP déi Responsabel vum OEJQS getraff a gouf iwwert d'Detailer vun dëser Etude, déi Enn 2021 am « Enseignement fondamental » ulafe géif, informéiert. Géigestand vun dëser nationaler Enquête war besonnesch d'Gondschoulreform vun 2009 an hir Auswierkungen op d'Grondschoul am Allgemengen, esou wéi hir Konsequenzen op d'Schoulhalen am Besonneschen. Och den SNE/CGFP als Enseignantsgewerkschaft war een Acteur an dëser Enquête an ass befrot ginn.

D'Universitéit Lëtzebuerg, déi schlussendlech am Optrag vum OEJQS déi Enquête duerchgeféiert huet, huet eis informéiert, dass dës national Consultatioun vum Léierpersonal géif vum 8. November bis de 17.Dezember 2021 stattfannen.

Well mir als Gewerkschaft och Acteur vun dëser Enquête waren, krute mir am November 2022 – also bal ee Joer duerno – vun der Universitéit Lëtzebuerg eng Invitatioun, wou si eis d'Resultater vun der nationaler Consultatioun géife virstellen a mir dorobber reagéiere kéinten. Leider war dës Presentatioun awer inoffiziell an dofir konnte mir och d'Pabeierversioun mat all de Resultater NET mathuelen.

Aus **gewerkschaftlecher Siicht** waren eng Rei vun de presentéierte **Resultater** awer zimmlech **alarmant** an dofir hu mir op déi offiziell Presentatioun vun de Resultater ongedëlleg gewaart. **Virun allem, well sech vill Resultater vun dëser Etude mat de Constaten a Revendicatioune vum SNE/CGFP decken.** Déi Resultater, déi mir inoffiziell presentéiert kruten, confirméieren zum Deel och d'Problemer, déi mir vun eise Memberen aus de Schoule matgedeelt kréien an déi mir schonn zënter Joren uschwätzen, ouni awer, dass do vill vu Säite vun der Politik ënnerholl ginn ass, fir deem entgéintzewierken.

Bis an den Abrëll 2023, wou d'Etude ursprénglech hätt solle veröffentlecht ginn, hu mir guer näischt méi héieren zu dëser Enquête. Dofir hu mir als SNE/CGFP bei der Universitéit Lëtzebuerg nogefrot, wéini d'Resultater dann elo endlech géife veröffentlecht ginn. Mir sinn du vun der Universitéit informéiert ginn, dass d'Veröffentlechung bis op Weideres reportéiert gi wär an dass bis dato och keen neien Termin fir eng Publikatioun bekannt wär. Et stoung och am Raum, dass et net onbedéngt zu enger Veröffentlechung vun der Etude tel quel géing kommen, mee dass et och méiglech wär, dass dës Etude einfach esou géif an e méi generelle Rapport oder an d'Recommandatioune vum OEJQS mat afléissen. **Fir den SNE/CGFP ass et awer net acceptabel, wann d'« Données brutes » vun der Enquête net géife public gemaach ginn a schonn an « traitéierter » Form publizéiert ginn.** Mir verlaangen, dass d'Resultater 1 zu 1 veröffentlecht ginn, esou wéi se bei der Enquête och erauskomm sinn.



Den 3. Mee 2023 huet den SNE/CGFP beim Educatiounsminister nogefrot, fir den neie Publikatiounstermin vun deenen dach wichtege Resultater vun der Etude gewuer ze ginn.

De Minister huet eis dunn am Juni 2023 matgedeelt, dass den OEJQS den Optraggeber vun dëser Etude wär an dass hien dofir eise Bréif un den OEJQS weiderginn hätt. Déi Responsabel vum OEJQS géife sech bei eis melle fir eis iwwert hir weider Virgoensweis ze informéieren.

Am Juni 2023 krute mir vum OEJQS d'Informatioun, dass d'Publikatioun vun dëser Etude fir d'lescht Trimester 2023 virgesi wär. En plus krute mir dunn och vun der Universitéit konfirméiert, dass nach aner Aarbechten a Recommandatioune géife mat an d'Resultater vun dëser Enquête afléissen.

Am Dezember 2023 hu mir nach eng Kéier beim OEJQS nogefrot, wou mir dann elo endlech dru wären.

Am Januar 2024 krute mir dunn e Bréif vum OEJQS, deen awer net op eis Fro geäntwert huet, wéini d'Resultater vun der Enquête publizéiert géife ginn. Mir krute just nach eemol matgedeelt, dass aus där Etude jo d'Recommandatioune vum OEJQS géifen entstoen.

**Den SNE/CGFP huet es awer elo genuch vun dësem Pingpongsgespills a verlaangt endlech Transparenz.** D'Resultater vun dëser Etude, wou ënner anerem d'Wuelbefanne vun den Enseignanten op hirer Aarbechtsplaz an d'Schwieregkeeten, déi si an hirem Alldag um Terrain erliewen, thematiséiert ginn, muss « ouni Filter » publizéiert ginn. Net dass mir dem OEQJS kéinte verbidden, hir Recommandatiounen aus enger Enquête eraus ze formuléieren, mee den SNE/CGFP verlaangt kloer an däitlech, dass d'Resultater vun dëser Etude och mussen 1 zu 1 publizéiert ginn.

Och déi nei Regierung misst dach un de Resultater vun der Enquête, déi jo d'Reform vun 2009 vun der Grondschoul betrëfft, interesséiert sinn. Huet si dach bekanntlech am Koalitiounsaccord festgehalen, dass eng Analys vun dëser Reform sollt gemaach ginn. D'Publikatioun vun de « Résultats bruts » vun der Consultatioun vun den Enseignanten aus de Grondschoulen kéint jo en Ufank vun dëser Analys sinn.





An dofir fuerdere mir als SNE/CGFP ganz kloer, dass d'Bruttoresultater vun dëser Enquête 1 zu 1 publizéiert ginn an net nëmmen an d'Recommandatioune vum OEJQS mat afléissen.

**Genau esou wéi fir d'Regierung, ass et och fir den SNE/CGFP vun enormer Wichtegkeet, wat d'Leit um Terrain bei der Reform vun 2009 :**

- **als Constate maachen ;**
- **als Plus-value gesinn ;**
- **als negativ Repercussiounen empfannen.**

Vu genau esou grousser Wichtegkeet ass et fir den SNE/CGFP, dass mir wëssen, wat **d'Resultater** vun den Enseignantë waren **a Bezuch op hir Aarbecht an hiert perséinlecht Wuelbefannen.** Schwéier virstellbar wär et, wann d'Politik sech net fir déi Resultater géif interesséieren, esouguer wann net alleguerten d'Enseignanten un dëser Enquête sollten deelgeholl hunn. Och en Echantillon, wou d'Representativitéit eventuell kéint contestéiert ginn, ka ganz opschlossräich Informatioune liwweren an de Fanger an d'Wonn leeën.

**An dofir fuerdere mir als SNE/CGFP ganz kloer, dass d'Bruttoresultater vun dëser Enquête 1 zu 1 publizéiert ginn an net nëmmen an d'Recommandatioune vum OEJQS mat afléissen. D'Bruttoresultater däerfen och net an engem allgemenge Rapport ënnergoen.**

Oder gëtt et vläicht eppes ze verstoppen…?

*(all d'Bréiwer an d'Äntwerten op d'Bréiwer fannt dir hei hannendrun am Bulletin)*

Patrick Remakel
President vum SNE/CGFP





Patrick Remakel,
President SNE/CGFP

sne cgfp

SEW
OGB-L
Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft am OGBL

aip

**Monsieur Claude Meisch**

Ministre de l'Education nationale, de
l'Enfance et de la Jeunesse
L-2926 Luxembourg

Luxembourg, le 3 mai 2023

**Objet :** Consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale

Monsieur le Ministre,

Le 20 octobre 2022, les trois syndicats AIP, SEW/OGBL et SNE/CGFP, en leur qualité de participants à la consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale, ont été invités à une réunion à l'Université du Luxembourg afin que les principaux résultats de cette consultation leur soient présentés de façon inofficielle. La finalité de cette étude scientifique, commanditée par l'Observatoire national de l'Enfance, de la Jeunesse et de la Qualité scolaire à l'Université du Luxembourg, était de permettre aux acteurs de terrain de rendre compte des difficultés qu'ils rencontrent au quotidien et de se positionner par rapport aux orientations et aux dispositifs mis en œuvre depuis la réforme scolaire de 2009.

Compte tenu de cette finalité, les résultats de l'enquête en question revêtent une grande importance pour les syndicats. Selon l'Université du Luxembourg, il était envisagé que l'Observatoire publie le PDF du rapport scientifique sur son site web le lendemain de la présentation des résultats de l'étude à vous-même, Monsieur le Ministre, prévue pour le 20 avril 2023. Néanmoins il semble que la date et la procédure de publication aient changé. Selon nos informations tant de la part de l'Université que de l'Observatoire, les résultats de cette enquête ne vous ont pas été présentés et ne seront pas publiés sur le site de l'Observatoire.

Nous vous serions reconnaissants de bien vouloir nous donner des précisions sur le calendrier prévu pour la publication de l'étude de l'Université et du rapport de l'Observatoire national de l'Enfance, de la Jeunesse et de la Qualité scolaire.

Dans l'espoir de vous lire, nous vous prions d'agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de notre parfaite considération.

| Patrick Remakel<br>Président du SNE/CGFP | Joëlle Damé<br>Présidente du SEW/OGBL | Joëlle Theobald-Schmit<br>Présidente de L'AIP |
|---|---|---|

COPIE

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 2 juin 2023

Bureau du Ministre
Secrétariat de Mons.Lex
Folscheid
Tél. : 247-65238
maggy.kremer@men.lu

Votre réf. : /
Notre réf. :20230503/LF/mk/ SNE/SWE/AIP

Joëlle Damé
Présidente du SEW/OGBL
63, rue de Bonnevoie
L-1260 Luxembourg

Joëlle Theobald-Schmit
Présidente de l'AIP
24, rue de Mensdorf
L-6911 Roodt-sur-Syre

Patrick Remakel
Président du SNE/CGFP
11-13 rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg-Bonnevoie

**Concerne :** Consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale

Mesdames, Monsieur,

Par la présente, j'accuse bonne réception de votre courrier susmentionné, qui nous est parvenu le 4 mai 2023.

Comme l'Observatoire de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire (oejqs) est commanditaire de l'étude participative concernant la « consultation des acteurs de l'école fondamentale » qui fait partie d'une analyse systémique de la qualité du système scolaire, j'ai transmis à l'oejqs votre requête.

La présidence de l'oejqs prendra contact avec vous en vue de vous donner les informations sur la publication de ses travaux.

Veuillez agréer, Mesdames, Monsieur, l'expression de ma parfaite considération.

Pour le Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse,

Lex Folscheid
Premier Conseiller de Gouvernement

Adresse postale : L-2926 Luxembourg | Tél. (+352) 247-85100 | info@men.lu www.men.lu | www.gouvernement.lu www.luxembourg.lu

OEJQS
OBSERVATOIRE NATIONAL DE L'ENFANCE, DE LA JEUNESSE ET DE LA QUALITÉ SCOLAIRE

Joëlle Damé
Présidente du SEW / OGBL
63, rue de Bonnevoie
L-1260 Luxembourg

Joëlle Theobald-Schmit
Présidente de l'AIP
24, rue de Mensdorf
L-6911 Roodt-sur-Syre

SNE / CGFP
Monsieur Patrick Remakel
Président
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg

Walferdange, le 21 juin 2023

**Concerne : Consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale**
**n. réf. : 140623151**

Mesdames, Monsieur,

En référence à votre correspondance du 3 mai 2023 à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et suite au courrier du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse du 2 juin 2023 nous vous adressons la présente, pour vous confirmer notre disponibilité à un échange.

Selon notre méthodologie de travail, la publication des rapports de l'Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire (OEJQS) s'appuie sur un calendrier bien déterminé qui prend en compte l'agencement des thématiques prioritaires et qui repose sur l'avancement des travaux. En ce qui concerne l'étude CAEF, la publication des recommandations portant sur la consultation des acteurs de l'enseignement fondamental (initialement prévue pour le 2e trimestre 2023) a été reportée au dernier trimestre 2023.
Deux facteurs expliquent ce décalage dans la publication. D'une part — suite à la lecture du rapport scientifique de l'Université du Luxembourg, après analyse des données et dans le souci d'améliorer la qualité scolaire — l'OEJQS a décidé de mettre en relation les données CAEF avec d'autres travaux de l'OEJQS (certains rapports étant déjà disponibles, d'autres en voie de finalisation) et de recourir pour certains aspects à une comparaison internationale. Au final, les recommandations émises dépassent le cadre de l'étude CAEF. Les phases de réflexion, de recherche et de rédaction ont donc pris plus de temps que prévu. D'autre part, une fois que la rédaction est terminée, le rapport est soumis aux procédures internes arrêtées par l'OEJQS. Ainsi, le rapport doit d'abord être présenté et discuté en interne, le cas échéant il doit être révisé, pour finalement être validé par le Collège des observateurs avant publication.



OEJQS
OBSERVATOIRE NATIONAL DE L'ENFANCE, DE LA JEUNESSE ET DE LA QUALITÉ SCOLAIRE

La publication des rapports est elle-même soumise à des procédures établies. Dans le cadre des recherches commanditées par l'Observatoire, chaque convention signée entre l'OEJQS et l'institut de recherche respectif stipule que le document contenant les recommandations émises par l'Observatoire constitue la première publication officielle des résultats du projet de recherche.
De plus, la loi modifiée du 13 mars 2018 portant création d'un Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire prévoit que les recommandations de l'OEJQS soient communiquées en premier lieu au Gouvernement et à la Chambre des députés.

Indépendamment de la publication du rapport contenant les recommandations issues de l'étude CAEF, nous restons à votre disposition pour s'échanger sereinement sur les défis inhérents au système scolaire luxembourgeois et pour discuter des choix opérés par la politique éducative pour améliorer la qualité scolaire.

Nous vous prions d'agréer, Mesdames, Monsieur, l'expression de nos salutations très distinguées.

Manuel ACHTEN
Présidence

Jean-Marie WIRTGEN
Présidence

EduPôle Walferdange | Route de Diekirch L-7220 Walferdange | +352 247 552 68 | www.oejqs.lu contact@oejqs.lu

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

**Monsieur Manuel ACHTEN**
**Monsieur Jean-Marie WIRTGEN**

Présidents du OEJQS
eduPôle Walferdange
Bâtiment 6
28, Route de Diekirch
L-7220 Walferdange

Luxembourg, le 20 décembre 2023

**Objet :** Consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale

Messieurs les Présidents,

Nous avons pris connaissance de votre courrier du 21 juin 2023, nous informant de la modification de la date de publication de l'étude scientifique, commanditée par l'Observatoire national de l'Enfance, de la Jeunesse et de la Qualité scolaire à l'Université du Luxembourg, ainsi que des résultats afférents. Vous nous avez fait part du report de la publication, initialement prévue pour le 2e trimestre 2023, au dernier trimestre de cette année.

Alors que nous approchons à grands pas de la fin de l'année et du quatrième trimestre 2023, nous vous prions de bien vouloir nous communiquer la date exacte de publication des résultats officiels de l'enquête en question. Nous vous serions reconnaissants de bien vouloir nous fournir des informations détaillées sur le calendrier prévu pour la publication tant de l'étude de l'Université que du rapport de l'Observatoire national de l'Enfance, de la Jeunesse et de la Qualité scolaire.

Dans l'attente de votre réponse, nous vous prions d'agréer, Messieurs les Présidents, l'expression de notre parfaite considération.

Patrick Remakel
Président SNE-CGFP

Gilles Glesener
Secrétaire général SNE-CGFP

11-13, rue des Ardennes L-1133 Bonnevoie | Tél.: +352 48 11 18 Fax: +352 40 73 56 | B.P. 2437 L-1024 Luxembourg | sne@education.lu www.sne.lu

---

OEJQS
OBSERVATOIRE NATIONAL DE L'ENFANCE DE LA JEUNESSE ET DE LA QUALITÉ SCOLAIRE

SNE Syndicat national des enseignants
Monsieur Patrick Remakel
Monsieur Gilles Glesener
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

Walferdange, le 22 janvier 2024

**Concerne : Consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale**
**n. réf. : 150124151**

Messieurs,

Nous accusons bonne réception de votre courrier daté du 20 décembre 2023.

La publication du rapport de l'Observatoire qui reprend les constats les plus significatifs dressés dans le cadre de la consultation nationale menée auprès des acteurs de l'enseignement fondamental (CAEF), et dont découlent les recommandations de l'Observatoire, a été délibérément reportée pour y intégrer une analyse plus vaste des éléments de la réforme de 2009, telle que sollicitée dans le nouveau programme gouvernemental. Certains de ces éléments dépassent toutefois le cadre de l'étude CAEF et l'analyse du travail en cycles, de sorte que l'Observatoire est en train de remanier et d'enrichir le rapport initialement prévu.

Nous restons bien entendu à votre entière disposition pour toutes questions supplémentaires éventuelles.

Nous vous prions d'agréer, Messieurs, l'expression de nos salutations très distinguées.

Manuel ACHTEN
Président

Jean-Marie WIRTGEN
Vice-Président

EduPôle Walferdange | Route de Diekirch L-7220 Walferdange | +352 247 552 68 | www.oejqs.lu contact@oejqs.lu

# LUX VOYAGES



RIVERSIDE LUXURY CRUISES

## DIE BLAUE DONAU MIT DER RIVERSIDE MOZART








Eine Flusskreuzfahrt berührt die Sinne. Sie vereint Raum und Zeit zu einem kontemplativen Erlebnis. Schöne Landschaften an sich vorbeiziehen zu lassen, das sind Momente, die man nicht vergisst. Genießen Sie dabei die kulinarischen Spezialitäten der Regionen.

Wien, Budapest, Bratislava: Diese Metropolen liegen wie Perlen an den Ufern der Donau.

Erleben Sie auf dieser eindrucksvollen Kreuzfahrt das Flair, die Architektur und die besonderen Sehenswürdigkeiten dieser drei Hauptstädte, die zu den schönsten Europas zählen.

**Reisepreis ab: 3.469 € pro Person in der Harmony Suite,** inklusive

- 8 Tage / 7 Nächte (05.09.-12.09.2024 oder 10.10.-17.10.2024)
- Reiseverlauf: Budapest, Bratislava, Dürnstein, Wien, Bratislava, Esztergom, Visegrád, Budapest
- Vorgewählte Ausflüge in jedem Hafen
- Speisen nach Wahl in allen Restaurants und Bars
- Hafen- und Servicegebühr

**LUX VOYAGES s.à r.l.**

**25-A, boulevard Royal**
**L-2449 Luxembourg**
**Tel.: 47 00 47 - 1**
**info@luxvoyages.lu**

Gerne beraten wir Sie und stellen Ihnen die ausführliche Reisebeschreibung dieser und einer Vielfalt anderer Riverside-Reisen vor. Wenden Sie sich einfach an Lux Voyages, Ihre CGFP-Reiseagentur.



# SDK Akademie SuperDrecksKëscht®



Getreu ihrem Motto „Geliefte Klimaschutz" steht die SDK für Ressourcen, Nachhaltigkeit, Kreislaufwirtschaft und Innovation.

Entdecken Sie unsere Angebote zur Sensibilisierung in der Schulgemeinschaft.

**www.sdk-akademie.lu**

- **Label SDK**
- **Weiterbildungen für Lehrkräfte beim IFEN**
- **Aktivitäten zur Sensibilisierung**
- **Coaching**

**Geliefte Klimaschutz**

CHAMBRE DES MÉTIERS LUXEMBOURG
CHAMBER OF COMMERCE LUXEMBOURG





emile weber
all about your journey

**Group Travel Experiences**
*Voyages en groupe sur mesure*

**Pour clubs, associations, écoles, entreprises ou amis & familles...**
Notre département groupes est à votre disposition pour vous conseiller.

*Pour plus d'infos scannez ici !*

**www.emile-weber.lu**

**Département Groupes**

Z.A. Reckschleed
L-5411 Canach

+352 35 65 75-300
groups@vew.lu

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

**Resolutioun vum SNE/CGFP**

**Aféierung vum A-EBS**

Den 23. Januar 2023 huet den Educatiounsminister Claude Meisch op enger Pressekonferenz iwwert d'Resultater vun der Evaluatioun vun der Inklusioun an de Lëtzebuerger Schoulen, d'Aféierung vum A-EBS ugekënnegt.

A-EBS ass eng Ofkierzung a steet fir « Agent assurant la fonction d'assistant pour élèves à besoins éducatifs spécifiques, affecté à une ou des écoles ». Dësen Assistent gëtt op Niveau vun engem DAP rekrutéiert an all Schoul soll esou een Assistent kréien. Den A-EBS soll d'Schoule bei der Betreiung vu Kanner mat spezifeschem Férderberdarf ënnerstëtzen. Dëse Poste gëtt zousätzlech zum I-EBS ageféiert.

An der Tëschenzäit ass dëse « Projet de loi » elo um Instanzewee.

Den SNE/CGFP begréisst prinzipiell d'Aféierung vun dësem Posten, well domat kënnt de MENJE enger Kärfuerderung vum SNE/CGFP no an déi war an ass, datt den Enseignant sech op seng Missioun vun der Wëssensvermëttlung konzentréiere kann. D'Schoulhalen an domat d'Wëssensvermëttlung sollen erëm déi voll Opmierksamkeet vum Enseignant kréie kënnen. Den SNE/CGFP begréisst am Prinzip all zousätzlech Ressourcen, déi um Terrain agesat ginn.

D'Aféierung vum A-EBS ass deemno e richtegen, mee awer och just en éischte Schrëtt an dës Richtung, wou all Schoul eng Taskforce soll kréien, déi se bei deenen ënnerschiddlechste Missiounen an Opträg ënnerstëtze kann.

Fir datt dësen zousätzleche Posten eng Plus-value um Terrain ass, mussen eng Partie Viraussetzungen erfëllt ginn an dofir sinn dem SNE/CGFP seng Fuerderunge kloer:

11-13, rue des Ardennes L-1133 Bonnevoie | Tél.: +352 48 11 18 Fax: +352 40 73 56 | B.P. 2437 L-1024 Luxembourg | sne@education.lu www.sne.lu

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

- **D'Aféierung vum A-EBS däerf net op Käschte vun der qualifizéierter Hëllef duerch d'ESEB goen.**

  Fir den SNE/CGFP ass kloer, datt dës Ënnerstëtzung duerch den A-EBS am Schoulalldag net dozou féieren däerf, datt Kanner manner spezifesch Hëllef a Férderung duerch d'ESEB kréien. Hei besteet ee ganz kloren Ënnerscheed vun der Qualifikatioun an de Kenntnisser an deemno muss kloer ënnerscheet ginn tëschent Ënnerstëtzung bei der Ëmsetzung an der spezifescher Férderung selwer. D'Kanner sollen eng zousätzlech Hëllef kréien an net eng manner qualifizéiert Férderung.
  Dofir brauch et eng kloer Rolleverdeelung. D'Aufgabegebidder vum A-EBS sinn ouni Zweifel opgrond vun der Ausbildung ganz anerer wéi déi vun dem spezialiséierte Personal vun den ESEBen.

- **Den A-EBS muss eng Hëllef sinn an och bleiwen an net zu engem méi groussen administrativen an zäitintensiven Opwand féieren.**

  D'Aféierung vun dësem zousätzleche Poste soll zu enger Entlaaschtung vum Enseignant féieren an eng zousätzlech Hëllef fir d'Kanner duerstellen. Deemno soll de Schoulalldag erliichtert ginn an et soll op kee Fall zu engem zousätzlechen Opwand (Virbereedungen, Concertatiounen,...) fir d'Enseignantë kommen.

- **Den A-EBS als eng Ressource fir a vun der Schoul.**

  Den A-EBS soll ouni gréisseren administrativen Opwand, mee zäitno a mat gréisster Flexibilitéit do kënnen intervenéieren, wou eng zousätzlech Ressource an der Schoul am néidegste gebraucht gëtt. Dofir soll dës Ressource fir d'Schoulen och vun de Schoule selwer geréiert ginn. D'Schoul soll bestëmme kënnen, wou den A-EBS am beschten intervenéiere soll, fir datt d'Schoul de gréissten Notzen aus dëser zousätzlecher Ressource zéie kann.

11-13, rue des Ardennes L-1133 Bonnevoie | Tél.: +352 48 11 18 Fax: +352 40 73 56 | B.P. 2437 L-1024 Luxembourg | sne@education.lu www.sne.lu

**sne** syndicat national des enseignants cgfp

Fir Iech, mat Iech, zesumme méi staark!

- **D'Hëllef och kloer beim Numm nennen.**

Fir d'Eltere gëtt et ëmmer méi schwéier all déi verschidden Intervenanten auserneenzehalen an ze wëssen, wéi wéi eng Missioun beim Kand huet. Dofir sprécht sech den SNE/CGFP géint den abstrakten Titel vum A-EBS aus, well dat zu Verwiesslunge mam I-EBS féiere kann.

- **D'Ausbildung vum DAP-Éducation:**

D'Ausbildung « DAP-Éducation » muss méiglechst praxisorientéiert sinn an déi Kompetenzen ëmfaassen, déi herno um Terrain an der Schoul mat den EBS-Kanner gebraucht ginn.

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu



sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech,
mat lech,
zesumme
méi staark!

**DOSSIER EN COURS**

Monsieur Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
L-2926 Luxembourg
Luxembourg

Luxembourg, le 6 février 2024

**Objet:** Communication lors de l'alerte aux intempéries du 16 janvier 2024.

Monsieur le Ministre,

Par la présente, nous souhaitons attirer votre attention sur le fait que la communication autour de l'alerte aux intempéries du 16 janvier 2024 émis par la cellule de crise d'une part et par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse d'autre part, a semé la confusion chez les responsables de l'organisation de l'accueil scolaire dans les écoles fondamentales.

Retenons tout d'abord que l'instruction ministérielle du 9 novembre 2023 concernant les lignes de conduite en cas de dispense de cours pour cause d'intempéries précise, en ce qui concerne l'organisation d'un accueil périscolaire, ce qui suit :

*« Le directeur de l'enseignement fondamental, le président du comité d'école (ou son remplaçant) ainsi que le responsable CSLI concernés prennent toutes les mesures nécessaires pour organiser et coordonner ce service d'accueil. Tous les membres du personnel des écoles ont une obligation de moyens pour se rendre à l'école et accomplir leur tâche régulière. Les membres du personnel qui peuvent rejoindre le plus facilement l'école pour y assurer l'accueil doivent être identifiés au préalable. »*

Dans la soirée du 16 janvier, le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse a envoyé un message aux directeurs de l'enseignement fondamental et aux présidents des comités d'école indiquant qu'en application de l'instruction ministérielle du 9 novembre 2023 susmentionnée, chaque école devait mettre en place un **service d'accueil** pendant les heures de classe.

Simultanément, un message d'alerte de la la cellule de crise préconisait que les gens devaient rester si possible chez eux en raison du verglas. Les médias ont relayé que les enfants ne seraient pas obligés de se rendre à l'école et qu'un **service d'accueil minimal** serait garanti dans les écoles.

Dans un message adressé au Collège des directeurs, le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse a partiellement révoqué les dispositions de l'instruction ministérielle du 9 novembre en confirmant qu'il n'y avait plus d'« obligation

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu



sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech,
mat lech,
zesumme
méi staark!

de moyens » pour l'ensemble du personnel de se rendre à l'école et que les informations reprises au sujet d'un service d'accueil minimal sur le site « RTL.LU » étaient exactes.

Le SNE/CGFP constate que ces instructions contradictoires ont créé une grande confusion parmi le personnel enseignant au Luxembourg.

Alors que les instructions concernant l'organisation d'un service d'accueil avec l'obligation de moyens pour les enseignants de se rendre à l'école étaient claires, il s'est avéré que l'organisation d'un service d'accueil minimal n'était pas préparé.

Ainsi, beaucoup d'enseignants se sentaient délaissés face à l'absence de consignes claires au sujet d'un service d'accueil minimal.

Afin d'éviter de telles situations à l'avenir, ne serait-il pas plus avantageux que l'instruction ministérielle du 9 novembre 2023 prévoie un plan A (organisation d'un service d'accueil avec l'obligation de moyens pour les enseignants de se rendre à l'école) ainsi qu'un plan B prévoyant l'organisation d'un accueil minimal dont les modalités seraient à fixer à l'avance? La décision d'appliquer ou bien le plan A ou bien le plan B pourrait dès lors être prise au cas par cas en tenant compte de la gravité de la situation.

Nous vous prions d'agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de notre plus haute considération.

Patrick Remakel
Président

Gilles Glesener
Secrétaire général

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 13 février 2024

Bureau du Ministre
Secrétariat de Monsieur Lex Folscheid
Tél.247-6238.maggy.kremer@men.lu

SNE/CGFP
Monsieur Patrick Remakel
Président
B.P.2437
L-1024 Luxembourg

Nos réfs. :20240213/LF-mk/SNE
Vos réfs. :/

**Concerne** : Communication lors de l'alerte aux intempéries du 16 janvier 2024

Monsieur le Président,

Par la présente, j'accuse bonne réception de votre courrier qui nous est parvenu en date du 8 février 2024 à l'attention de Monsieur le Ministre Claude Meisch.

Nous donnerons suite à votre demande dans les meilleurs délais.

Veuillez agréer, Monsieur, l'expression de mes salutations distinguées.

Pour le Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse,

Lex Folscheid
Premier Conseiller de Gouvernement




**Bestëmmt och Dir mat.**

D'Raiffeisen ass eng Genossenschaftsbank an dat ännert alles!
Gitt och Dir Member andeems Dir eng Part Sociale fir 25 € ënnerschreift a profitéiert vu villen Avantagen! Bei der Raiffeisen sidd Dir nämlech net nëmme Client vun enger Bank. Dir sidd gläichzäiteg och Koproprietär.
Méi Informatiounen op itsmybank.lu

Gitt Koproprietär fir 25 €

Raiffeisen
D'Bank déi hire Membere gehéiert

sne
syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

DOSSIER EN COURS

**Monsieur Claude Meisch**
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
L-2926 Luxembourg

Luxembourg, le 7 février 2024

**Objet :** Demande d'entrevue

Monsieur le Ministre,

Par la présente, nous vous prions de bien vouloir nous accorder une entrevue en vue de discuter des sujets suivants :

- La mise en place des assistants pour élèves à besoins éducatifs spécifiques (A-EBS).
- Le Service formation pour adultes (SFA) et la loi UNIPOP
- La mise en place des nouveaux programmes de Master organisés à l'intention des instuteurs/trices par l'Université du Luxembourg

Nous avons l'honneur de vous faire parvenir en annexe une résolution au sujet de l'implémentation des A-EBS, que l'Assemblée des Délégués du SNE/CGFP a adoptée dans sa réunion du 23 janvier 2024.

En espérant que notre demande trouve une suite favorable, nous vous prions d'agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de notre très haute considération.

Patrick Remakel
Président SNE/CGFP

Gilles Glesener
Secrétaire SNE/CGFP

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 13 février 2024

Bureau du Ministre
Secrétariat de Monsieur Lex Folscheid
Tél.247-6238.maggy.kremer@men.lu

SNE/CGFP
Monsieur Patrick Remakel
Président
B.P.2437
L-1024 Luxembourg

Nos réfs. :20240213/LF-mk/SNE
Vos réfs. :/

**Concerne** : Demande d'entrevue

Monsieur le Président,

Par la présente, j'accuse bonne réception de votre courrier qui nous est parvenu en date du 9 février 2024 à l'attention de Monsieur le Ministre Claude Meisch, nous sollicitant une entrevue pour aborder les sujets suivants :

- la mise en place des A-EBS
- SFA et la loi UNIPOP
- la mise en place du "DAP-Éducation"

Nous donnerons suite à votre demande dans les meilleurs délais.

Veuillez agréer, Monsieur, l'expression de mes salutations distinguées.

Pour le Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse,

Lex Folscheid
Premier Conseiller de Gouvernement

N°45
Entrée le 27.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Am Enseignement ginn et sougenannten Coordinateur de cycle. Zu hiren Tâchen gehéieren zum Beispill d'Organisatioun vu wöchentleche Versammlungen, déi an der Reegel 1,5 Stonnen sollen daueren. Do dernieft mussen si zum Beispill och d'Versammlunge leeden, si sinn fir den Ordre du jour verantwortlech an schreiwen uschléissend déi entsprechend Rapporten. Well et sech beim Coordinateur de cycle
ëm e Poste à responsabilité particulier handelt, kréie betraffe Persounen ënnert anerem e Supplement, eng sougenannte Prime de responsabilité. Do dernieft ginn hinnen dës Posten dann och mat Punkten am Echelon ugerechent.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Coordinateur de cycle kréien hei am Land eng Prime de responsabilité?
2. Wéi eng Posten am Fondamental si fir dës Primme eligibel a wéi eng Poste sinn dofir net eligibel?
3. No wat fir enge Krittäre ginn d'Persounen, déi dës Primme kréien, ausgesicht respektiv wat fir eng Fakteure spille beim Choix vun de Persounen eng Roll?
4. Wéi vill Posten am Organigramm ginn et déi dës Primme kréien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

www.piraten.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 45 vun den honorabelen Deputéierte Sven Clement a Ben Polidori**

Am Enseignement fondamental ginn et kloer definéiert Funktiounen, deenen ee Poste à responsabilités particulières zougedeelt gëtt. Des Weidere gëtt et an dësem Zesummenhang eng Reiefolleg vun den eenzele Funktiounen am Organigramm, deene Rechnung gedroe gëtt. Esou falen am Sous-groupe Enseignement follgend Funktiounen ënnert d'Postes à responsabilités particulières fir déi concernéiert Agenten aus dem Enseignement fondamental:

*a) le collaborateur au service scolaire communal avec une demi-tâche administrative au moins ;*
*b) le président du comité d'école et le responsable d'école ;*
*c) l'agent remplissant la fonction d'instituteur spécialisé dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (I-EBS) aussi longtemps qu'il est déchargé au SCRIPT et rémunéré au grade A2 ;*
*d) le secrétaire CI ;*
*e) le conseiller pédagogique sous condition qu'il encadre au moins trois stagiaires-fonctionnaires et qu'il suit une formation continue pour pouvoir assurer cette fonction ; la personne de référence des employés pendant la période d'initiation sous condition qu'elle encadre au moins trois employés ;*
*f) le membre de la commission nationale de l'enseignement fondamental ;*
*g) le coordinateur de cycle dans l'enseignement fondamental.*

Fir de Sous-groupe vum sozio-edukative Personal aus dem Personalkader vum Enseignement fondamental si follgend Funktioune fir d'Attributioun vun engem Poste à responsabilités particulières festgeluecht:

*a) l'agent qui assure la coordination avec la/les structure(s) d'accueil ;*
*b) l'agent responsable d'école ;*
*c) le conseiller pédagogique (statut fonctionnaire) sous condition qu'il encadre au moins trois stagiaires-fonctionnaires et/ou employés et qu'il suit une formation continue pour pouvoir assurer cette fonction ; la personne de référence (statut : employé) des employés pendant la période d'initiation sous condition qu'elle encadre au moins trois employés ;*
*d) le coordinateur de cycle dans l'enseignement fondamental.*

Fir d'Schouljoer 2023/2024 ginn et insgesamt 989 Membere vum Schoulpersonal, déi e Poste à responsabilités particulières ausüben. Vun dësen 989 Agenten hunn der 702 d'Funktioun vum Coordinateur de Cycle. Fir d'Schouljoer 2023/2024 hunn alleguerten d'Agenten, déi eng vun den uewe genannte Funktiounen aus dem Organigramm ausüben, e Poste à responsabilités particulières.

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

# Renouvellement statutaire des organes du SNE/CGFP

Les statuts du SNE/CGFP stipulent que les élections se font par secteur et que le nombre des délégués régionaux est déterminé sur base du nombre de membres affiliés qui résident dans un secteur déterminé.

## Composition de l'Assemblée des Délégués 2024-2027

| | |
|---|---|
| BAST Sven | Secteur 2 (Sud) |
| BECHET Olivier | Secteur 7 (Nord) |
| BERCK Laurent | Secteur 2 (Sud) |
| BEREND Carole | Secteur 3 (Sud-Est) |
| BLEY Gilles | Secteur 1 (Lux) |
| EICH Nico | Secteur 3 (Sud-Est) |
| EISCHEN Anne | Secteur 6 (Ouest) |
| ENTRINGER Guy | Secteur 4 (Est) |
| FRISCH Nathalie | Secteur 7 (Nord) |
| GLESENER Gilles | Secteur 1 (Lux) |
| GROBER Eva | Secteur 4 (Est) |
| HAAS Isabelle | Secteur 6 (Ouest) |
| HERMAN Philippe | Secteur 7 (Nord) |
| HERMES Paul | Secteur 6 (Ouest) |
| HILD Yola | Secteur 6 (Ouest) |
| HOFFMANN Georges | Secteur 3 (Sud-Est) |
| KASEL Claude | Secteur 5 (Centre) |
| KASEL Jean | Secteur 2 (Sud) |
| KOHNEN Christian | Secteur 6 (Ouest) |
| KRIER Albert | Secteur 2 (Sud) |
| KÜHN Steve | Secteur 2 (Sud) |
| LANG Caroline | Secteur 6 (Ouest) |
| LENERTZ Pol | Secteur 2 (Sud) |
| LOEWENSTEIN Isabelle | Secteur 3 (Sud-Est) |
| MARSON Marie-Josée | Secteur 2 (Sud) |
| MERGEN Ronny | Secteur 7 (Nord) |
| OLINGER Tom | Secteur 5 (Centre) |
| PIRSCH Jean | Secteur 2 (Sud) |
| QUARING Linda | Secteur 6 (Ouest) |
| REMAKEL Patrick | Secteur 3 (Sud-Est) |
| RIES Claude | Secteur 2 (Sud) |
| SCHETGEN Vanessa | étranger |
| SCHMIT Claude | Secteur 3 (Sud-Est) |
| SCHMIT Lydie | Secteur 2 (Sud) |
| SCHWAMBERGER Isabelle | Secteur 3 (Sud-Est) |
| SCHWEIG-PLETGEN Claudine | Secteur 7 (Nord) |
| STEFFEN Joël | Secteur 2 (Sud) |
| THEOBALD-SCHMIT Joëlle | Secteur 4 (Est) |
| THILL Nicolas | Secteur 1 (Lux) |
| THILL Maryse | Secteur 6 (Ouest) |
| VARANDAS Daisy | Secteur 6 (Ouest) |
| VESQUE Jos | Secteur 7 (Nord) |
| VESQUE-MIESCH Nicole | Secteur 7 (Nord) |
| WAGNER Tom | Secteur 7 (Nord) |
| WEYRICH Romain | Secteur 6 (Ouest) |

*Explication :*

- *Etant donné que les statuts admettent à l'AD un délégué par 40 membres affiliés, le quorum des postes attribués est loin d'être atteint, car le SNE a compté au moment des élections quelque 4100 membres cotisants.*

Reste à noter que la Commission de Révision sera renouvelée lors de la prochaine réunion de l'Assemblée des Délégués.

Quant au Comité de Surveillance, les statuts stipulent que les membres qui le composent seront désignés *« au cours de l'année qui suit les élections statutaires pour le comité central ».*

## Composition du Comité central 2024-2027

| | |
|---|---|
| Président : | REMAKEL Patrick |
| 1er Vice-Président : | SCHETGEN Vanessa |
| 2e Vice-Président : | THILL Nicolas |
| Secrétaire général : | GLESENER Gilles |
| Secrétaire adjoint: | KASEL Jean |
| Trésorier : | VESQUE Jos |
| Membres : | BERCK Laurent, BLEY Gilles, KOHNEN Christian, LOEWENSTEIN Isabelle, MERGEN Ronny, RIES Claude, SCHMIT Claude |

## Composition du Bureau exécutif 2024-2027

Selon l'article 29 des statuts du SNE/CGFP, le Bureau exécutif se compose d'office du président, du secrétaire général, d'un vice-président, du trésorier, ainsi que de deux membres du Comité central au maximum à désigner par celui-ci.

| | |
|---|---|
| REMAKEL Patrick | VESQUE Jos |
| GLESENER Gilles | KASEL Jean |
| SCHETGEN Vanessa | THILL Nicolas |

## Composition du Comité de Surveillance

| | |
|---|---|
| Président : | KRIER Albert |
| Membres : | CLOOS Michel |
| | HILD Yola |
| | KASEL Claude |

## Composition de la Commission de Révision

| | |
|---|---|
| Président : | KRIER Albert |
| Membres : | MARSON Marie-Josée |
| | PIRSCH Jean |

## Représentations nationales

**• Conseil supérieur de l'Éducation nationale (CSEN)**

| | |
|---|---|
| REMAKEL Patrick | membre effectif, représentant du SNE |
| THILL Nicolas | membre suppléant, représentant du SNE |

**• Commission scolaire nationale**

| | |
|---|---|
| GLESENER Gilles | délégué élu |
| SCHETGEN Vanessa | déléguée élue |
| REMAKEL Patrick | délégué élu |

**• Commission de coordination de l'EST**

| | |
|---|---|
| OLINGER Tom | membre |
| THILL Nicolas | membre |

**• Confédération générale de la Fonction publique (CGFP)**

| | |
|---|---|
| REMAKEL Patrick | membre du Bureau exécutif, trésorier CGFP |
| GLESENER Gilles | membre du Comité exécutif et du Comité fédéral |
| KASEL JEAN | membre du Comité fédéral |
| SCHMIT Claude | membre du Comité fédéral |
| SCHETGEN Vanessa | membre du Comité fédéral |

**• Chambre des Fonctionnaires et Employés publics**

| | |
|---|---|
| REMAKEL Patrick | membre effectif élu |
| GLESENER Gilles | membre suppléant élu |

**• Comité à la formation professionnelle**

| | |
|---|---|
| THILL Nicolas | membre effectif |
| OLINGER Tom | membre suppléant |

**• Commission permanente d'experts chargée de procéder aux études nécessaires à la planification de l'enseignement fondamental**

| | |
|---|---|
| REMAKEL Patrick | représentant du SNE/CGFP |

syndicat national des enseignants cgfp

# E System a säi Personal stoussen un hir Grenzen

## E Plädoyer fir méi Preventioun amplaz vu Reaktioun

Mir stellen an eise Klasse fest, dass mir ëmmer méi Kanner mat engem PPAA / PPCI hunn. D'Kanner hunn Opfällegkeeten an diverse Beräicher, dat souwuel an hirem Léierverhalen, wéi och um Niveau vum sozio-emotionale Verhalen. Déi 8 Kompetenzzentren hei am Land si voll ausgelaascht a kënnen deene villen Demandë vum Terrain net nokommen. Zumindest ass dëst de Feedback, deen een héiert, wann ee mam Léierpersonal an de Schoule schwätzt.

Wann e Kand, no oft laangwieregen a beschwéierlechen Demarchen, dann endlech eng zousätzlech Hëllef an der Klass kritt, esou sinn dat an der Reegel nëmmen e puer Stonnen an der Woch. Dat ass natierlech besser wéi näischt, mee a ville Fäll geet dat net duer. Ze dacks ginn déi wäertvoll « Assistance en classe »-Stonnen eréischt kuerz virun der Rentrée am September verdeelt an eng gemeinsam Virbereedung vun der Rentrée ass domat oft net méiglech. Wann dann am Laf vum Schouljoer weider Demanden dobäikommen, kréie mir keng zousätzlech Stonnen Hëllef derbäi. Et kënnt dann a ville Fäll just zu enger Ëmverdeelung vun de Stonnen. Bei deem enge Kand gi Stonnen ewechgeholl fir bei engem anere Kand Lächer ze stoppen! Mat Momenter fillt ee sech wéi beim Seel-Zéien, an zwar um kuerzen Enn vun dësem Seel. D'Kand kritt un Hëllef, wat nach opzedreiwen ass.

D'Presenz a ville Schoule vun engem IEBS begréisse mir, well dës wäertvoll Hëllef ass um Terrain an eise Klassen am Asaz. Den Austausch mam IEBS ass onkomplizéiert an et kann een direkt zesumme kucken, fir am Sënn vun de Kanner Hëllefsmoossnamen ëmzesetzen.

Dobäi kënnt, dass d'« Assistants en classe » an d'IEBSen am Fall vun enger Absence leider nach ëmmer net ersat ginn. Dëse Mëssstand stellt den Enseignant virun extrem Erausfuerderungen, jee no Dauer vun dëser Absence a jee no Problematik vum Kand. Am Fall, wou e Kand relativ vill Stonnen Hëllef an der Klass huet, well de schouleschen Alldag soss net ze meeschteren ass, féiert d'Ewechfale vun dëser wichteger Hëllef fir d'Kand zu enger onnéideger Iwwerbelaaschtung a mat Momenter zu ganz vill Frust beim Personal. Vum Stress fir alleguer d'Kanner an der Klass emol net ze schwätzen! Och een Enseignant huet just zwou Hänn.

Jo, et ass eisen Alldag eis konstant ëm all d'Kanner aus der Klass zur selwechter Zäit ze këmmeren. A jo, dofir si mer ausgebilt. Mee leider ass d'Realitéit um Terrain zu verschiddenen Zäiten net ëmmer eleng vun enger Persoun ze geréieren, dat mat groussen Auswierkungen op déi mental Gesondheet vum betraffene Personal.

Jo, mir si fir Inklusioun. All Kand huet e Recht, an d'Schoul ze goen. Oft gëtt leider vergiess, dass jidder Schüler, also all eenzele vun eise Schüler ee Recht op Fërderung an och d'Recht op een Enseignant huet, deen him nolauschtert an deen hie beschtméiglech ënnerstëtzt. Mee ass dat ëmmer méiglech, wann den Enseignant eleng an der Klass ass? An all Klass gëtt et dacks ee Kand, dat rezent am Land ukomm ass, ee Kand, dat ënner schwierege Familljeverhältnisser muss grouss ginn, ee Kand, dat konkret Léierschwieregkeeten huet, ee Kand, dat Verhalensproblemer huet; een anert Kand, dat zwar schwaach ass, mee net schwaach genuch, fir gemellt ze ginn; dann och ee Kand, dat vill méi staark ass wéi seng Klassekomeroden… Dës Opzielung kéinte mir lo onendlech weiderféieren, et ass just een Deel vun der Zesummesetzung vun eise Klassen. Dës Heterogenitéit ass dem Personal um Terrain duerchaus gutt bekannt.




Als Enseignant wëll een all Kand kënne gerecht ginn, dat ass leider ëmmer manner méiglech. Mat deene ville Problemer an ëmmer méi komplexen Ufuerderunge maachen eng ganz Partie Enseignantë sech an hir Gesondheet aktuell drop. Si rette sech nach just an de Weekend a vu Vakanz zu Vakanz. Wat d'Klass méi komplex ass, wat munch Enseignanten och ëmmer méi zécken, fir sech am Krankheetsfall krank ze mellen. Si schleefe sech léiwer an d'Schoul wéi op e Remplaçant zeréckzegräifen. Si stelle sech d'Fro: Wie kënnt dann no der Klass kucken? A virun allem no de Kanner mat engem méi grousse Besoin un Hëllef? Vill Leit zécke mëttlerweil fir en Titulaires-Posten unzehuele mam Bléck op d'Komplexitéit an enger méiglecher Iwwerbelaaschtung, déi dëst jee no Klassenzesummesetzung mat sech bréngt.

Wéi kann et sinn, dass d'Leit vum Terrain ëmmer méi feststellen, dass eis Kanner ëmmer méi Schwieregkeeten hunn, sech an hirem Alldag, a besonnesch och hirem Schoulalldag erëmzefannen?

### Wou ass déi Taskforce an de Schoulen no där den SNE/CGFP scho laang freet?

Mir gesinn an dokumentéieren d'Problemer, mir mellen d'Opfällegkeeten, an dann? Da gi Plooschtere gesicht, fir d'Problemer un der Uewerfläch ze behandelen. Plooschtere sinn awer net ëmmer d'Léisung fir ee Problem, si kënne just en Deel vun enger Léisung sinn. Flott wär et, wann een dat Gepléischters guer net bräicht.

D'Leit vum Terrain stiechen immens vill Energie a Ressourcen an den Encadrement vun ënner anerem Kanner mat spezifesche Besoinen. Besser wär et, wa mir als Gesellschaft d'Kanner an hir Famille vun Ufank un esou stäerke géifen, dass Schwieregkeete manner heefeg entstinn, éischter detektéiert an opgefaang ginn, a manner mat an de Schoulsystem erageschleeft ginn.



Mir brauchen eng proaktiv Approche. Aktuell lafe mir just de Problemer hannendrun a verdeelen ëmmer méi Plooschteren. Eisem System feelt et un engem ganzheetlechen Usaz, wann et ëm d'Fërderung vun de Kanner geet. D'Schoulpersonal eleng kann dës vill Erausfuerderungen net meeschteren.

En Deel vun de Famillen ass eleng hei am Land, do kann eng gewësse Hëlleflosegkeet entstoen. Dës Famillen hu keng oder net vill Kontakter, da kommen

nach d'Sproochebarriären dobäi; an den allgemenge finanziellen Drock an der Populatioun aktuell ass och net ze ënnerschätzen.

Huele mer d'Beispill vum neie « Service de l'intégration et de l'accueil scolaires » (SIA). Dat ass eng gutt Initiativ fir d'Familjen ze ënnerstëtzen an ze guidéieren. Mee sou laang déi Demarche net obligatoresch ass, profitéieren eng ganz Partie Famillen net vun där Hëllef, aus wéi enge Grënn och ëmmer. Et kann net sinn, dass Leit, déi nei an eist Land kommen, selwer decidéiere sollen, ob se sech vum SIA berode loossen, oder net. D'Leit kennen eise Schoulsystem dach net, hunn net den Iwwerbléck, da kënne mir déi Responsabilitéit dach net esou einfach u si ofginn. Eng verflichtend Berodung vum SIA kéint een éischte Schrëtt sinn.

Fir eise Schoulsystem net weider riicht an e Kollaps lafen ze loossen, misste mir alleguer vill méi Energie an eng éierlech Analyse stiechen, firwat mir esou vill Kanner mat spezifesche Fërderbedierfnisser hunn. Nëmme wann all déi concernéiert Acteure sech doriwwer Gedanke maachen, kënne mir fir d'Zukunft méi op de Volet Preventioun setzen. D'Fréierkennung muss an de Mëttelpunkt geréckelt ginn.



Och eisen neie « Plan d'Etudes » muss sech der Realitéit vun de Kanner upassen! Wat fir eng sproochlech, sozial, motoresch oder kognitiv Kompetenzen huet e Kand nach, wann et am C1 ukënnt? Wat ass de « Point de départ » fir all eis schoulesch Ziler? Mir wëllen den Niveau natierlech héich halen, mee mat engem gesonde Bléck op d'Realitéit vun haut.

De Bilan 30 soll obligatoresch gemaach ginn, fir sproochlech Defiziter fréi festzestellen. Dëst ass scho länger eng Fuerderung vum SNE/CGFP. Nom Bilan 30 kéint dann esou fréi wéi méiglech mat enger Fërderung vun der Sprooch ugefaange ginn, éier d'Kand an den C1 kënnt, am Fall, wou Schwieregkeete festgestallt ginn. Nëmmen duerch ee flächendeckende Preventiounssystem komme mir un déi betraffe Kanner erun, fir se fréistméiglech ze fërderen an hinnen domat besser Startchancen an eisem Schoulsystem ze ginn.

Fir de Lies- a Schreifléierprozess am C2 unzefänken, mussen och gewësse motoresch Fäegkeeten entwéckelt sinn. A falls d'Kand net op deem Niveau ass, soll och hei fréizäiteg kënnen agegraff ginn.

Fir déi Klassen ze entlaaschten, déi Kanner mat spezifesche Besoinen hunn, sollen eis EBS Kanner mat engem spezielle Koeffizient bei der Berechnung vum Contingent berücksichtegt ginn. Domat kéint een d'Klasseneffektiver punktuell erofsetzen, sou dass deene besonnesche Fërderbedierfnisser an Erfuerdernisser besser kéint Rechnung gedroe ginn.

D'Awunnerzuel an domadder och d'Zuel u Kanner, déi hei am Land scolariséiert gëtt, wiisst vu Joer zu Joer. Leider ginn awer parallel déi entspriechend Servicer personalméisseg net genuch opgestockt fir déi vill spezifesch Problematiken opzefänken a geziilt unhand vun Therapien ze fërderen. Mir hunn ee grousse Besoin u Psychomotriciennen a Logopeden hei am Land. Ganz dacks kommen d'Leit net bäi. Dëst gëllt leider och bei de Neuropediatren an de Pedopsychiatren. Oft kënnen d'Eltere sech net emol op eng Waardeléscht androen, well souguer dës voll ass. Dës verschidde Servicer sollen zäitno, lokal oder regional kënnen an Usproch geholl ginn.

Eng Zesummenaarbecht mam ONE muss och kënnen obligatoresch gemaach ginn. Wann Hëllef ugebuede gëtt an d'Eltere fannen et net fir néideg, se unzehuelen, esou ass dëst zum Nodeel vum Kand. En Enseignant, deen dës Offer den Elteren ubitt, mécht dat sécherlech net einfach esou aus Spaass. Neen, den Enseignant huet dee Moment Beobachtunge gemaach säitens dem Kand an / oder der Famill. Eng Hëllef kéint d'Situatioun fir déi Famille verbesseren. Jo, als Enseignant mécht ee sech mat esou Proposen net ëmmer beléift bei Elteren, wann ee méi kriddeleg Punkten uschwätzt. Keen Erwuessene wëllt a priori gär dovun héieren. Mee grad dësen Asaz zum Wuel vum Kand däerf net a reegelméissegen Ofstänn an eng Sakgaass féieren. Hei misst onbedéngt och zousätzlech Opklärung kommen, fir dass d'Famillen esou Servicer als Chance gesinn.

Versammlungen a Formatioune vum Eltereforum an der Eltereschoul Janusz Korczak sinn eng immens gutt Initiativ. Esou Offere sollen och nach méi « à distance » méiglech gemaach ginn, fir dass dëst mam oft zäitintensiven Aarbechts– a Familljeliewe kompatibel ass. Eltere mateneen a Kontakt bréngen an hinnen themespezifesch Austauschmomenter proposéieren, ass awer definitiv schonn e klengen Usaz an déi richteg Richtung. An eise Schoule ginn aktuell jo och schonn op ville Plazen divers Themenowender fir d'Famillen ugebueden.

Méi en enken Encadrement vun de Famillen no der Gebuert duerch zousätzlech Experten aus dem pedagogesche Beräich kéint och eng méiglech Piste sinn. Beim 1. Kand kéinte regional fakultativ Treffe stattfannen, an deenen iwwer wichteg Elementer geschwat gëtt:

**Wéi entwéckelt sech d'Sprooch?**

**Wéi kann een d'Motorik bei sengem Kand fërderen?**

**Wéi ass et mat der Gesondheet?**

D'Thema Ernärung däerf och net feelen. D'Roll an d'Wichtegkeet vum Spillen an och den Ëmgang mat Ecrane soll fréi thematiséiert ginn. Jo, vill Eltere wëssen iwwer dës Elementer ganz gutt Bescheed, informéiere sech, tausche sech aus, siche sech Hëllef wa si der brauchen a wëssen awer och, wou si déi fannen. Et gëtt awer och vill Famillen, an deenen dëst net de Fall ass.

Aus dësen Iwwerleeungen eraus, wënsche mir eis ee Paradigmewiessel. Ewech vum Plooschterverdeelen hin zu engem proaktiven a performante Preventiounssystem. Dëst kéint ee wichtege Schrëtt zu engem méi nohaltegen a positive Léierëmfeld an der Schoul ginn. Dat am Interêt vun all de Bedeelegten: de Kanner, hiren Elteren an dem gesamte Schoulpersonal.



**D'Isabelle Loewenstein**
**ass Enseignante am Cycle 1**
**an der Gemeng Hesper**
**a Member vum Comité central**
**vum SNE/CGFP.**



**De Christian Kohnen ass**
**Enseignant am Cycle 4,**
**President vum Comité d'école,**
**Ecole Fondamentale Steinfort**



# News aus der « Voie de Préparation »

Eng Delegatioun vum SNE/CGFP hat rezent eng Entrevue um MENJE ugefrot, fir iwwert verschidden Themen ze schwätzen, déi vu Memberen am Kader vun der « Permanence Syndicale » un eis erugedroe goufen.

## 1) UNTIS-Programm

### Problematik :

Aktuell ass et esou, datt de Programm direkt ee ganzen Dag « Absence » rechent, och wann den Agent just eng Stonn vum Dag absent war an déi aner Stonne prestéiert huet. Dëst ass kee glécklechen Zoustand, well déi Feeldeeg ab enger Absence vun 3 Deeg en Impakt op d'Iwwerstonne vun deem Mount hunn.

### *Wat hu mir erreecht :*

Den MENJE huet erkläert, datt et net méiglech ass, op d'Stonn genau ofzerechnen. Mee et gëtt versicht eng méi fair Léisung fir den Agent ze fannen. D'Méiglechkeet gëtt analyséiert, fir bei esou Situatioune just nach mat « Demi-journées d'absence » ze rechnen.

### Problematik :

Provisioune fir Iwwerstonne kënnen eréischt ausbezuelt ginn ab engem Wäert vu Komma 5. Well et am Untis-Programm awer d'Méiglechkeet gëtt, « verschmiert » ze rechnen am Fall, wou eng Stonn am Laf vum Schouljoer eréischt ufält (ee « Cours d'Appui » zum Beispill), si verschidden Enseignanten an der Situatioun, datt si ganz knapp ënnert deem Seuil vu Komma 5 leien. An deem Fall ginn dës Iwwerstonne cumuléiert an eréischt dat Joer duerno beieneen ausbezuelt, esou datt een eventuell méi Steieren doropper bezilt.

### *Wat hu mir erreecht :*

Den MENJE huet erkläert, datt et bei der Komma 5 Berechnungsmethod haaptsächlech doröms geet, hei den Agent ze schützen, fir datt näischt zréckbezuelt muss ginn. Dëst kann de Fall sinn, wann Iwwerstonnen erëm ewechfalen (zum Beispill beim punktuellen Ersetze vun engem Aarbechtskolleeg) an d'Pai eréischt duerno ugepasst gëtt. Et gouf dooropper higewisen, datt een an den Dialog mat der Direktioun vum Gebai kann trieden, well d'Direktioun « au cas par cas » ka verhandelen, fir datt déi komplett Paien all Mount ausbezuelt kënne ginn.

## 2) Tâche a Koeffizienter

### Problematik :

Laut « Instruction Ministérielle » muss de Koeffizient no uewen ugepasst ginn, wann an engem selwechten Auditoire 3 verschidde Modülle behandelt ginn oder wann an engem selwechten Auditoire Schüler vun 2 verschiddene Schouljore sinn. Dëst gëtt awer net iwwerall applizéiert, zemools wann am Laf vum Schouljoer esou Situatiounen eréischt entstinn.

### *Wat hu mir erreecht :*

Den MENJE rappelléiert dës Direktiven nach eemol un d'Direktiounen.

## 3) « Coefficient réducteur » wärend Stageperioden

### Problematik :

Enger rezenter « Instruction Ministérielle » no gëllt säit dësem Schouljoer e « Coefficient réducteur », wa fir d'Schoulklass méi wéi 4 Woche Stage am Laf vum Joer virgesi sinn. Dëst gëllt och, wann net all Schüler aus der Klass eng Stageplaz fonnt huet. Well awer den Enseignant dës Schüler ouni Stageplaz wärend dem normale Schoulhoraire weiderhi betreien an duerno zousätzlech d'Visitten am Stage leeschte muss, entsteet hei eng Ongerechtegkeet. Den Enseignant huet vill méi e groussen Zäitopwand wärend esou Wochen, an dat bei engem reduzéierte Koeffizient.

### *Wat hu mir erreecht :*

Den MENJE proposéiert, datt dëse « Coefficient réducteur » net applizéiert gëtt, am Fall wou net all Schüler vun der Klass an de Stage geet.



## 4) D'Situatioun vum « Enseignant Fonctionnaire » aus der VP an den « Ecoles Internationales »

### Problematik :

An der « Ecole Internationale » schaffen Enseignantë mat verschiddene Statute beieneen. Doduerch hu sech an der «Voie de Préparation», déi als Bestanddeel vun der « Ecole publique » parallel zur « Ecole Internationale » lafe muss, fir Enseignantë mat Fonctionnaireskontrakt verschidden Ännerungen erginn. Sou gouf zum Beispill plazeweis eng Pré-Rentrée virum 15. September oder verflichtend Nométtegaktivitéiten agefouert.

### *Wat hu mir erreecht :*

D'Tâche vum fonctionnariséierten Enseignant muss kloer bei 22 Stonne bleiwen an den ACT72 bestoe bleiwen. D'Schoulrentrée bleift de 15. September, eng verflichtend Pré-Rentrée virun deem Datum däerf et net ginn.

## 5) Landeswäit Verdeelung vun de Schüler an der VP

### Problematik :

Zemools am Fall, wou méi Schoulgebaier eng VP ubidden (wéi zum Beispill an der Stad) stellt sech oft d'Fro, firwat déi eng Gebaier vill Schüler bäikréie bei der Rentrée, wärend aner Gebaier ofbauen.

### *Wat hu mir erreecht :*

Den MENJE huet erkläert, si géife matkucken an d'Direktiounen hätte keng fräi Hand fir iwwert d'Zuel vun de Schoulklassen ze entscheeden. Beim Verdeele vu Schüler géife geografesch Prinzippien ugewant. Datt d'Unzuel vu verschiddene Klassen erop- a vun anere Klassen erofgeet, läit dorunner, datt et plazeweis u Schoulraum fir nei Klasse feelt. Et misst einfach méi gebaut ginn, mee e Plang fir eng VP an engem Schoulgebai no an no ofzeschafe géif et net ginn.

## 6) Schüler mat spezielle Besoinen

### Problematik :

Et gëtt landeswäit festgestallt, datt och an der VP ëmmer méi Schüler Léier- an/oder Verhalensschwieregkeeten opweisen. De Passage vum Dossier CI leeft net ëmmer reiwungslos, a just de Regent huet hei Abléck dorop.

### *Wat hu mir erreecht :*

Den MENJE erkennt ganz kloer och d'Necessitéit vun engem IEBS an der VP fir d'Schüler aus der VP. Déi Zuel vu spezialiséierten Enseignantë géif weider ausgebaut ginn.

D'Problematik vun den Dossieren ass méi kriddeleg, den Dateschutz misst respektéiert ginn. D'Omnibusgesetz misst awer do eng Reegelung bréngen. Bei dësem Gesetz gëtt nach eng Kéier iwwerpréift, ob a wéi et an der Praxis ëmgesat gëtt.

Des Weidere proposéiert den MENJE, datt all Regent vun enger VP-Schoulklass, am Ufank vum Schouljoer eng Klasseplénière ofhält, fir all aneren Enseignant séier a besser iwwert d'Situatioun vun de Schüler ze informéieren.



**De Nicolas Thill ass Enseignant aus der « Voie de préparation » (VP) am MLG Grevenmacher a Member vum Comité central vum sne/cgfp.**

# LéierXpert

Jonker mat innovativer Iddi fir Bildungswiesen zu Lëtzebuerg

Mat frëschem Wand an innovativen Iddie probéieren déi dräi jonk Grënner vu LéierXpert d'Bildungswiesen ze ënnerstëtzen. An hirem Bestriewen Nohëllef ze verbessere, setzen si op individuell Betreiung vun héichqualitative Proffen a Schüler.

LéierXpert, gegrënnt vum Pit Kasel, Nima Tehrani an Ines Domingos, hunn sech als Ziel gesat, Nohëllef mei transparent an zougänglech fir Schüler ze maachen. De Fokus läit dobäi ob enger perséinlecher Auswiel vun Tuteuren, bestoend aus Professeren, Schüler a Studenten, déi sech individuell op d'Nohëllef vum Schüler astelle kënnen. D'Team vu LéierXpert entwéckelt ausserdeem mat den Tuteure personaliséiert Léierprogrammer, déi individuell op d'Bedierfnisser vun de Schüler ugepasst sinn.


Ënnert dem Motto "From Students, for Students" sëtzt sech LéierXpert vun deenen aneren Nohëllef-Organisatioun of. Keen ass mei no um Schoulliewe wéi de Schüler selwer.

LéierXpert ass awer net nëmmen eng Nohëllef-Plattform: D'Engagement an de Gemengen an déi geplangte Partnerschafte mat Schoulen a Jugendorganisatioune sollen de Schüler esou wéi den Elteren hëllefen een direkten Uspriechpartner bei schoulesche Froen ze hunn.

Elteren, déi no enger vertrauenswürdeger an effektiver Nohëllef sichen, fanne bei LéierXpert en zouverlässege Partner. D'Kombinatioun aus individuellen Tuteuren an den direkte Kontakt tëscht Schüler a Grënner mëscht LéierXpert zum Expert fir ze léieren.

*LéierXpert - Your key to succes*

*Kontakt:*
*LéierXpert*
*Telefon: (+352) 691 438 090*
*E-Mail: leierxpert@gmail.com*
*Website: leierxpert.lu*



# 30 années au service du SNE

## Une fête à l'honneur de Stéphane Pacini

Abbes Krier, gérant administratif de SNE-Éditions, a d'abord évoqué la bonne coopération entre l'ASBL et la SARL en mentionnant l'ambiance chaleureuse entre tous les membres de l'équipe.

C'est en novembre 1993 que Stéphane commença à travailler pour l'imprimerie du SNE, s'occupant d'abord de la reliure, puis de l'impression du matériel didactique. L'imprimerie du SNE se trouvait à ce moment dans un petit appartement au numéro 5 de la rue des Ardennes, la reliure se faisant de façon artisanale à la colle, et l'impression uniquement en noir.

Sept ans plus tard, l'imprimerie changea d'adresse pour son emplacement actuel. L'achat de nouvelles machines rendit possible l'impression en couleurs.

Finalement, c'est en 2012, avec la création de SNE-Éditions, que l'imprimerie devint une société autonome, responsable du Layout, en passant par l'impression, la reliure, le stockage et la vente jusqu'à la livraison du matériel didactique.

Stéphane a montré une volonté continue de se développer et de s'adapter tout au long de ses 30 années de service. Aujourd'hui, l'ensemble de l'entreprise profite de son expérience, de son dévouement et de son engagement hors pair.

Nous tenons à remercier Stéphane pour ses 30 années de service et nous sommes reconnaissants de compter Stéphane dans notre équipe.

**Félicitations pour cette étape impressionnante !**





EMILEFRISCH
Iwwerall ënnerwee
Autocars Emile Frisch
Tél. (+352) 49 61 51-1
www.emile-frisch.lu
info@emile-frisch.lu


renovation.lu
Handwierk aus Lëtzebuerg
Och no 20 Joer nach ëmmer Freed un eiser Aarbecht
20 JOER
288 308
www.renovation.lu


COMPLIANT EU GDPR COMPLIANT
DIMMI
Wielt DIMMI
An Europa sinn Är Date sécher!
Schonns iwwer 22.000 Persoune schaffen all Dag mat Dimmi.
Test Dimmi gratis an onverbindlech!
EDUCDESIGN
Kontaktéiert eis fir méi Informatiounen:
EducDesign s.a. / +352 26 51 61 / support@dimmi.lu


boesner
KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER
Alles was kleine Künstler brauchen
· Über 28.000 Artikel
· Staffel- und Großhandelspreise
· Lieferservice
· Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum
boesner GmbH Perl
Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch
Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: perl@boesner.com
Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr
Auf 3.200 m² alles was Kunst braucht
Frankfurt
Mutterstadt
Perl
Saarbrücken
Trier
www.boesner.com


MNM
MUSÉE NATIONAL DES MINES RUMELANGE
Entdeckt 3 km Minn mat der Gouwebunn & zu Fouss
• fir Gruppen bis 31 Leit an interactiv Visitte fir d'Kanner dat ganz Joer
• fir indiviuell Visiteuren vun Abrëll bis Juni an am September: vun Donneschdes bis Sonndes
• am Juli an August: vun Dënschdes bis Sonndes
• vum Januar bis Mäerz an Oktober bis Dezember all Sonndeg
Detailléiert Informatiounen:
www.mnm.lu


Lineheart, ären Apple Partner fir d'Digitaliséierung am Enseignement.
Wielt haut déi richteg Servicer a Produiten fir en gelongenen IT-Projet an ärer Schoul.
Berodung
Installatioun
Support-Formatioun
Maintenance
Locatioun-Finanzement
iPad / MacBook / iMac
Accessoiren
Wifi-Réseau
Projektioun / interaktiv Tafel
Robotik / Coding
Fir e Projet mat Wäitsiicht, kontaktéiert eis Apple Spezialisten fir d'Educatioun.
lineheart.lu/education • +352 44 68 44 - 340 • education@lineheart.lu
LINEHEART
Authorised Education Specialist


Avec vous
sur le chemin
de l'évolution
digitale
Audiovisuel - Impressions
Scanning - Finitions de documents
Solutions - I.T. - Digitalisation
Document Process Outsourcing
Services personnalisés
CK
Office
technologies
ck.lu
Charles Kieffer Group


AudioVisual
Concepts
ELECTRO-CENTER
We Are Providing
Solution for
Education System
Learn, Engage, Inspire
Crafting your audiovisual experience !
Business concept
Whiteboards
BOYD (Bring Your Own Device)
Interactive Flat touchscreens
Document camera
TV screen
Projectors for education
Flipchart
We work with
OPTOMA / EPSON / AIRSERVER /
CHAMELEONWRITING / SMIT-VISUAL
AudioVisualConcepts
24, Z.A.C. Klengbousbierg
L-7795 Bissen
Tel: +352.28.80.89-305
Email: contact@audiovisual.lu
web: www.audiovisual.lu


learning by doing
30, Avenue François Clément • L-5612 Mondorf-les-Bains
Tél.: +352 26 67 19 25 • Fax: +352 26 67 19 26
shop@learningbydoing.lu • info@lbd.lu • www.lbd.lu
fourniture pour école
matériel didactique
bricolage
papeterie
librairie
jeux et loisirs


Ihr kompetenter Partner in Luxemburg
für jede Art von Druckmedien
in Druckvorstufe,
Offset- und Digitaldruck
sne
éditions
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg
www.sne.lu
Kontaktieren Sie uns: shop@sne.lu

# INTERVIEW mam Bianca Kaminsky

## Resilienz für Lehrkräfte

**Der Begriff „Resilienz“ scheint in letzter Zeit in aller Munde zu sein. Ist Resilienz nicht einfach nur ein neumodischer Trend?**

Ja, das höre ich öfter. Auch, wenn es manchmal so wirkt, als wäre Resilienz ein neumodisches Phänomen, das auf einmal „in“ ist: Wenn es eine Mode wäre, dann wäre Resilienz wohl der älteste Trend der Welt. Vieles von dem, was resiliente Menschen tun, gibt es seit Beginn der Menschheit. Resilienz gab es schon immer – denn ohne psychische Widerstandskraft wäre es uns unmöglich, uns an Veränderungen anzupassen und Herausforderungen – von denen das Leben ja einige auf Lager hat – zu meistern.

**Wie würden Sie Resilienz definieren?**

Unter Resilienz wird ganz allgemein die psychische Widerstandskraft verstanden. Also die Fähigkeit, dass Menschen Krisen und herausfordernde Lebensereignisse bewältigen und gestärkt aus ihnen hervorgehen. Wichtig ist, dass resiliente Menschen solche Ereignisse nicht nur „einfach irgendwie durchstehen“, sondern sie auffällig positiv meistern.

Der Begriff „Resilienz“ wurde ursprünglich in der Werkstoffkunde verwendet. Dort ist mit „Resilienz“ die Fähigkeit von Stoffen gemeint, nach einer Verformung wieder in ihre Ausgangsform zurückzufinden. Denken Sie dabei zum Beispiel an einen Weichgummiball: Sie können Ihn mit den Händen ordentlich zusammenknautschen – doch sobald der Druck aufgehoben wird, kehrt der Ball wieder in seine ursprüngliche Form zurück.

Eine sehr schöne Definition für Resilienz stammt von Ella Gabriele Amann: Sie beschreibt Resilienz als das Immunsystem unserer Psyche, das uns beim Umgang mit Belastungen und Stress unterstützt.

**Was genau ist unser einem psychischen Immunsystem zu verstehen?**

Das menschliche Immunsystem ist allgemein ein sehr komplexes Netzwerk: Unerlässlich arbeitet es für uns „im Hintergrund,“ um uns vor gesundheitlichen Gefahren zu schützen. Das tut es, indem es zum Beispiel Antikörper bildet. Diese Antikörper kümmern sich jeden Tag darum, Viren und Bakterien zu neutralisieren. Je nachdem, um welchen Erreger es sich handelt, erfolgt die Immunreaktion des Organismus dann unterschiedlich schnell und stark. Neben unserem körperlichen Immunsystem haben wir auch ein „psychisches Immunsystem“. Statt von Viren wird dieses Immunsystem jedoch von Krisen, Problemen oder auch Alltagsstress herausgefordert. Die Antikörper des psychischen Immunsystems sind die sogenannten Schutzfaktoren.

**Können Sie genauer erklären, was es mit den Schutzfaktoren auf sich hat?**

Schutzfaktoren sind die Ressourcen, die zur Entstehung von Resilienz beitragen. Wie der

Begriff bereits verrät: Sie schützen uns vor den Auswirkungen von Belastungen und können negative Folgen abmildern oder sogar verhindern.

Zu den Schutzfaktoren gehören zum Beispiel gesunder Optimismus, Akzeptanz oder auch Netzwerkorientierung. Je nach Resilienzmodell sprechen wir von sechs, sieben oder auch mehr Schutzfaktoren.

Diese Schutzfaktoren existieren nicht losgelöst voneinander. Sie bedingen sich gegenseitig: Stärke ich einen, verstärke ich somit auch einen anderen Schutzfaktor. Wenn ich mich zum Beispiel gut in meinem sozialen Netz eingebunden fühle, fördert dieses Gefühl der Zusammengehörigkeit meinen Optimismus.

So wie ich meine körperlichen Abwehrkräfte vielleicht durch regelmäßige Saunabesuche oder Bewegung an der frischen Luft aktiviere, so kann ich auch mein psychisches Immunsystem kräftigen, indem ich die Schutzfaktoren stärke.

**Sie sprechen davon, dass man Schutzfaktoren stärken kann. Wie entsteht Resilienz denn überhaupt?**

Eine wichtige Erkenntnis ist, dass Resilienz nicht angeboren ist. Sie ist kein

Charaktermerkmal, mit dem Menschen auf die Welt kommen oder auch nicht. Resilienz ist eine Fähigkeit, die Menschen entwickeln können.

Die Basis für unsere Resilienz entsteht in der Kindheit. Die Entwicklungspsychologin Emmy Werner hat mit ihrer wegweisenden Pionierstudie „The Children of Kauai“ herausgefunden, dass Resilienz erworben wird. Werner und ihr Team begleiteten auf der hawaiianischen Insel Kauai knapp 700 Kinder über einen Zeitraum von über 40 Jahren. 210 der Kinder gehörten zu einer Risikogruppe: Chronische Armut oder Vernachlässigung prägten ihre Kindheit. Trotz dieser Entwicklungsrisiken entwickelten sich ein Drittel dieser Kinder zu leistungsfähigen, sozial eingebundenen und zuversichtlichen Erwachsenen. Das überraschte die Forschenden: Wie war diese positive Entwicklung der Kinder möglich?

Werner fand heraus, dass diese Kinder über Schutzfaktoren verfügten, die einen stärkeren Einfluss auf ihre Entwicklung hatten als die Risikofaktoren. Diese Kinder waren resilient.

**Welche Faktoren waren für diese Kinder besonders wichtig?**

Der wichtigste Resilienzfaktor: verlässliche Beziehungen.

Kinder entwickeln Resilienz, wenn sie eine stabile, wertschätzende Beziehung zu mindestens einer vertrauten Bezugsperson haben. Dabei handelt es sich in der Regel um die Eltern oder andere Erziehungsberechtigte. Doch was wir auch aus der Kauai-Studie wissen: Wenn Eltern nicht in der Lage



**Bianca Kaminsky, Stressmentorin und Pädagogin**

sind, diese Rolle einzunehmen, dann können andere Erwachsene „einspringen“. Bei diesen anderen Erwachsenen kann es sich um die Großmutter oder Tante handeln. Es kann aber auch die Lieblingslehrerin oder der Lieblingslehrer sein. Das Wichtige ist, dass diese Bezugsperson verfügbar für das Kind ist: Sie ist

bereit, dem Kind ihre Aufmerksamkeit, Zeit und emotionale Unterstützung zur Verfügung zu stellen.

Auch für Erwachsene ist die Netzwerkorientierung ein wichtiger Schutzfaktor. Gerade für Lehrkräfte spielt das Kollegium eine wesentliche Rolle für ihr Wohlbefinden und ihre psychische Gesundheit. Wenn Lehrkräfte an ihrer Schule das Gefühl haben: „Wir ziehen alle an einem Strang“, dann hilft ihnen das erwiesenermaßen dabei, berufliche Beanspruchungen abzupuffern. Eine hohe Workload wird als weniger belastend empfunden, wenn ich mich als Lehrkraft an meiner Schule wertgeschätzt und eingebunden fühle.

**Wofür brauchen Lehrkräfte Resilienz?**

Lehrkräfte tragen viel Verantwortung und einen Rucksack mit zahlreichen Anforderungen: Sie sollen ihre Schüler:innen fördern und dabei deren individuelle Bedürfnisse berücksichtigen, Werte und soziale Verantwortung vermitteln, konstruktiv mit den Eltern zusammenarbeiten, sich um die eigene professionelle Weiterentwicklung kümmern, Lehrpläne umsetzen, Unterricht halten und vieles mehr.

Diese Aufzählung bestätigen auch Teilnehmende in meinen Workshops. Und dennoch: Die meisten Lehrkräfte sagen übereinstimmend, dass sie ihren Beruf lieben. Das Gefühl, einen Unterschied im Leben der Schüler:innen zu machen, motiviert und erfüllt.

Resilienz unterstützt dabei, gesunde Bewältigungsstrategien zu entwickeln. So kann zum Beispiel in herausfordernden Elterngesprächen der Schutzfaktor der Selbstregulation helfen, dass die Interaktion insgesamt konstruktiver verläuft:

Selbstregulation ermöglicht mir, meine Emotionen zu steuern und Ärger oder Frust besser zu kontrollieren. Auch Lösungsorientierung kann mich unterstützen: Ich fokussiere mich im Gespräch nicht darauf, ob eine Lösung gefunden wird, sondern vielmehr wie. Durch ressourcenorientierte Fragen lenke ich den Fokus also auf Möglichkeiten, statt mich zu stark auf Probleme zu konzentrieren.

Resilienz wirkt also nicht erst, wenn ich mitten in einer Krise stecke: Sie wirkt auch präventiv. Denn die Schutzfaktoren verhelfen zu Bewältigungsstrategien, mit denen man die besonderen Anforderungen im Beruf gesünder meistert.

**Welchen Schutzfaktor halten Sie für Lehrkräfte außerdem für besonders wichtig?**

Neben der Netzwerkorientierung ist auch die Selbstwahrnehmung ein wichtiger Schutzfaktor für Lehrkräfte. Damit ist die Fähigkeit gemeint, sich mit der Wahrnehmung nach innen zu wenden und zu merken: Welche körperlichen, emotionalen und kognitiven Bedürfnisse habe ich gerade? Eine stabile Selbstwahrnehmung ist elementar für die Resilienz, weil ich durch den „Check-in“ bei mir selbst überhaupt erst wahrnehmen kann, was mein Organismus braucht.

Im Schulalltag ist wenig Raum für Selbstwahrnehmung. Lehrkräfte haben ihre „Antennen“ dauerhaft auf Außenempfang eingestellt: Gespräche mit Schüler:innen, der Papierstau im Kopierer, der Anruf eines Elternteils, die Rückfrage der Kollegin.

Wenn die Selbstwahrnehmung dauerhaft zu kurz kommt oder unterdrückt wird, kann dieses routinemäßige Übergehen jedoch zum „neuen Normal“ werden. Man bemerkt in Folge zum Beispiel nicht (mehr), dass man die eigenen Grenzen missachtet oder andere Menschen regelmäßig die eigenen Grenzen niedertrampeln lässt.

Zudem ist die Verarbeitung der vielen Reize ein wichtiger Grund, warum sich Lehrkräfte nach Schulschluss oft so fühlen, als hätte ihnen jemand den Stecker gezogen: Diese sensorische Überreizung kostet jede Menge Energie. Um die Resilienz zu stärken, sollte man sich daher immer wieder mit voller Absicht kleine Zeitinseln für die Selbstwahrnehmung schaffen.

Doch grundsätzlich ist es wichtig, sich nicht auf einen Schutzfaktor allein zu konzentrieren. Resilienz ist ein dynamischer Prozess und braucht das Zusammenspiel aller Schutzfaktoren.

**Welche täglichen Praktiken können Lehrkräften helfen, ihre Resilienz zu stärken?**

Wichtig ist zunächst, dass ich Übungen und Strategien finde, die zu mir und meinen aktuellen Lebensumständen passen. Das ist wichtig, denn Menschen haben individuelle Voraussetzungen und Möglichkeiten.

Ich habe weiter oben erwähnt, wie wichtig die Selbstwahrnehmung ist. Daher gebe ich in meinen Workshops den Lehrkräften unter anderem eine Übung an die Hand, um diesen Schutzfaktor zu stärken.

Es handelt sich dabei um einen „Resilienz-Allrounder“: die „stille Minute“. Ich praktiziere sie selbst regelmäßig, denn sie unterstützt das Nervensystem dabei, die Verarbeitung von Außenreizen abzupuffern und schenkt ihm somit Entlastung. Die Durchführung ist simpel: Man braucht einen Ort, an dem man für eine Minute ungestört ist und sich bequem hinsetzen oder hinlegen kann. Dann schließt man die Augen oder lässt den Blick glasig werden und tut nichts weiter als dazusitzen und weiter zu atmen. Häufig merkt man dann, dass man die Zunge gegen den Gaumen presst oder die Zähne zusammenbeißt — das darf man dann gern ändern. Doch primär geht es darum, sich selbst wahrzunehmen und einfach zu beobachten.

**Welche Veränderungen würden Sie gerne in Bezug auf Resilienz im schulischen Kontext sehen?**

Ich wünsche mir, dass der Fokus sich weitet und wir neben der individuellen Resilienz der Lehrkräfte auch die Teamresilienz stärken. Noch zu oft erlebe ich Lehrkräfte als „Einzelkämpfer:innen“ im Schulsystem. Dabei wissen wir, dass die Netzwerkorientierung ganz entscheidend für unsere psychische Widerstandskraft ist – also der Austausch mit anderen, die soziale Unterstützung, die Wertschätzung durch andere Menschen.

Resilienz ist auch ein Teamsport: Sie entwickelt sich vor allem in und durch Beziehungen zu anderen Menschen.

Daher braucht es an Schulen eine Haltung der Teamresilienz. Damit ist die Fähigkeit von Teams gemeint, sich gemeinschaftlich an Veränderungen anzupassen, klar miteinander zu kommunizieren und flexibel neue Lösungen zu finden, wenn die alten nicht mehr funktionieren. In meinen Workshops erleben die Lehrkräfte immer wieder, wie bereichernd ein offener Austausch in einem wertschätzenden Raum ist.

Solche Räume wünsche ich mir für Schulteams im Alltag.

*Bianca Kaminsky ist zertifizierte Resilienztrainerin und systemische Team Coachin.*

*Doch vor allem ist sie Pädagogin (2. Staatsexamen Lehramt) und seit über 20 Jahren beruflich im Bildungswesen aktiv.*

*Sie hat als Lehrerin gearbeitet und war langjährige Verlegerin ihres Bildungsverlags „Lernbiene“.*

*Heute ist sie als Trainerin und Beraterin tätig.*

*Sie hat „Das resiliente Klassenzimmer“ gegründet, um Menschen in der Bildungslandschaft dabei zu unterstützen, die Anforderungen ihres Berufs resilient, beherzt und zuversichtlich zu meistern.*

*Sie lebt mit Mann und Hunden in Oberbayern.*

Mehr über Bianca Kaminsky und Ihre Angebote finden Sie auf: **www.biancakaminsky.com**



De Claude Ries ass Enseignant am Cycle 3 an der Ecole Fondamentale vum Howald a « Membre élu » vum Comité CSEE/ETUCE

# SNE Events

## Iwwerbléck iwwert eis Aktivitéiten 2024

Léif KollegInnen

Am éischte Bulletin vum neie Joer kënne mir Iech endlech en Iwwerbléck iwwert eis Aktivitéiten an dësem Joer ginn.

Éischten Event ass eise scho bal traditionelle « Bistrot littéraire » e Méindeg, de 25.3. um 18.00 Auer am Café « Le Bovary » zu Weimeschkierch. Fir déi Editioun ass et eis gelongen, de Jemp Hoscheit ze engagéieren; hien ass an der Lëtzebuerger Kulturzeen wierklech keen Onbekannten. Méi iwwert den Auteur an iwwert d'Umeldunge liest Dir méi spéit hei am Bulletin.

Weiderhin hu mir eng Féierung duerch den CNA (Centre national de l'audiovisuel) virgesinn. Dëst soll am Fréijoer (Mee oder Juni) stattfannen, ënnert der professioneller Leedung vum Yves Steichen.

An am Laf vum Mount Juni wëlle mir eis den neie « Stade de Luxembourg » mol méi genee ënnert d'Lupp huelen: hannert d'Kulisse kucken, déi technesch Installatiounen op Häerz a Niere préiwen an eis déi eng oder aner Anekdot aus deem nach jonke Liewe vun dësem impressionante Bauwierk erziele loossen.

Interessant Konferenzen iwwert kënschtlech Intelligenz an iwwert eis Pensioune sollen am Hierscht nokommen.

Voilà, dat ass e klengen Iwwerbléck vun deem, wat mir virgesinn hunn.

Detailer iwwert déi eenzel Eventer an iwwert d'Umeldunge fannt Dir wéi ëmmer am Bulletin oder kritt Dir via Infomail.




### Bistrot littéraire « Tëschent den Zeilen »

**Auteur:** De Schrëftsteller Jemp Hoscheid

**Zilgrupp:** all Membere vun SNE an hir/e Conjoint/e; Prioritéit fir Memberen ab 55 Joer

**Dauer:** 90 min + X; während dem Spektakel offréiert den SNE d'Gedrénks an d'Tapas

**Datum:** Méindeg, den 25. Mäerz um 18h00


**Plaz:** « Bistrot littéraire Le Bovary », 1, rue Laroche, L-1918 Lëtzebuerg-Weimeschkierch (Bus: Ligne 4 / Parking 50m.)


**Zuel: max** 30 Persounen

**Umeldung: events@sne.lu oder 48 11 18-1 virum Méindeg, 11. Mäerz em 16h00.**

(D'Participantë kréie per Mail eng Confirmatioun; eng Waardeléscht gëtt gefouert.)


Andeem ee sech fir dës Aktivitéit umellt, ass een automatesch averstanen, dass een op eng Foto am Bulletin oder op den elektronesche Säite vum SNE/CGFP ka gesi ginn.




### Tëschent den Zeilen - Liesung mam Jemp Hoscheid

Fir dëse Liesowend huet den Auteur Jhemp Hoscheit ofwiesslungsräich Ausschnëtter aus senge leschte Buchpublikatiounen zesummegestallt. Eng Mëschung aus Prosa a Lyrik mat satireschen Tëschentéin … .



De Jhemp Hoscheit, 1951 zu Esch gebuer, war Proff am Péitenger LTMA an am Escher LGE. Auteur vu Romaner, Cabarets– an Theatertexter, Kanner– a Jugendbicher op Lëtzebuergesch. Bis elo huet hien drësseg Bicher publizéiert, dorënner sechs Romaner an zwielef Kannerbicher. Fir säin éischte Roman Perl oder Pica krut den Auteur 1999 de Servais-Präis. Den autobiographesche Roman ass 2005 vum Pol Cruchten verfilmt ginn. Den Auteur krut fënnef mol de Lëtzebuerger Buchpräis an ass bei siwen nationale Literaturconcoursen ausgezeechent ginn. Den Eppes an De Schmunzel sinn zwee vu sengen erfollegräichste Kannerbicher. Déi meeschte Bicher si bei den Editions Guy Binsfeld erauskomm. Mat zwee satiresche Joresréckblécker war hie mam Jules Arpetti 2017 an 2019 op Liestournée.

Mat hirem drëtte Programm Fréier wor alles…! si se schonn zënter 2020 mat grousse Publikumserfolleg ënnerwee. 2020 gouf hie vu senger Heemechtsstad Esch-Uelzecht mam Mérite culturel geéiert. 2022 ass säin zäithistoresche Roman Tëschent den Zeilen – dee sech tëschent Mäerz a Juni 2020 am Lockdown ofspillt – bei den Editions Kremart publizéiert ginn. Zwee nei Bicher si fir 2024 an der Maach: De Kaddo, e faarweg illustréiert Kannerbuch an D'Ouninumm, säi siwente Roman.




**Méi séier informéiert**

Suivéiert
d'CGFP op **Twitter**

**@Cgfp_lu**






# Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

## Impressum

**Rédaction:**
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie
sne@education.lu

**Parution:**
6 fois par an
Distribution gratuite
aux membres du sne/cgfp
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

**Impression:**
sne éditions s.à r.l.
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

**Publicité:**
À envoyer à l'adresse postale.
Les tarifs sont transmis sur demande.
La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source. Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés au sne/cgfp. Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'avis du syndicat.

syndicat national des enseignants cgfp

syndicat national des enseignants cgfp

Contact
SNE/CGFP
Syndicat National des Enseignants

11-13 rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg-Bonnevoie

sne@education.lu
tél.: 48 11 18-1
fax: 40 73 56

## Charte relative à politique de confidentialité des données à caractère personnel des membres du syndicat

### Qui sommes-nous ?

Le Syndicat National des Enseignants (SNE/CGFP) est la voix de la profession des enseignants de l'enseignement fondamental et de la voie de préparation de l'enseignement secondaire général au Luxembourg. Le siège du SNE est au 11-13 rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie.

**Délégué à la protection des données**

Le SNE a désigné un délégué interne à la protection des données que vous pouvez contacter en cas de questions ou d'inquiétudes concernant les politiques ou les pratiques du SNE/CGFP en matière de données personnelles. Vous trouverez ci-dessous les coordonnées du délégué à la protection des données :

DPO / Jos Vesque - Syndicat National des Enseignants, 11-13, rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie
dpo@sne.lu

### Comment protégeons-nous vos données ?

Nous prenons la sécurité de vos données au sérieux. Nous avons mis en place des politiques internes et des contrôles pour nous assurer que vos données ne soient pas perdues, accidentellement détruites, mal utilisées ou divulguées.

### Partage et transfert des données

En vue de l'exécution de nos missions statutaires, nous pouvons être amenés à transmettre vos données personnelles aux tiers de confiance concernés tels que, et sans y être limités, les banques, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, la Confédération générale de la Fonction publique, les avocats, la Sécurité Sociale ou toute entité concernée par l'un de nos évènements.

Vos informations ne sont pas envoyées en dehors de l'Europe. Nous n'utiliserons pas vos informations pour prendre des décisions automatisées qui pourraient vous affecter.

### Mise à jour de la présente Charte

Si nous étions amenés à traiter certaines de vos données à caractère personnel d'une autre manière que celles précédemment identifiées, nous vous contacterons pour vous fournir des informations à ce sujet et pour vous demander votre consentement, si nécessaire. Nous mettrons aussi à jour la présente Charte.

### Quelles sont les données que nous traitons et à quelles occasions ?

Nous traitons différentes catégories de données, à savoir :
- Données d'identification
- Données d'identification électronique
- Emploi et formations
- Coordonnées bancaires

Nous collectons et traitons vos données à différentes occasions :
- Lors de votre adhésion à notre syndicat
- Durant notre relation membre-syndicat
- A l'issue de notre relation membre syndicat

### Pourquoi traitons-nous vos données et combien de temps les conservons-nous ?

Le traitement de vos données est nécessaire à l'exécution de notre relation membre-syndicat.

Nous utilisons vos données personnelles principalement pour l'exécution de notre mission de syndicat, telle que décrite sur notre site internet, mais aussi, et sans y être limités, pour le bon déroulement de tout évènement, communication, action ou élection du syndicat.

Nous conservons vos données le temps de votre adhésion et nous nous réservons le droit de les conserver au-delà afin que nous puissions remplir certaines de nos obligations légales.

### Quels sont vos droits ?

Sans préjudice des limitations prévues par le RGPD, vous disposez d'un certain nombre de droits en vertu de la Loi sur la protection des données :

**Droit d'accès** : obtenir tant un accès qu'une copie des données à caractère personnel traitées, sur demande.

**Droit de rectification** : obtenir une rectification de vos données à caractère personnel sil elles s'avèrent être inexactes ou incomplètes.

**Droit à l'effacement** : obtenir un effacement de vos données lorsqu'il n'y a plus de motif fondé de les traiter.

**Droit à la limitation de traitement** : obtenir une limitation de traitement de vos données inexactes ou devenues inutiles.

**Droit d'opposition** : obtenir une cessation du traitement de vos données lorsqu'il n'y a pas de motifs légitimes et impérieux de les traiter.

**Droit à la portabilité** : obtenir le transfert de vos données vers un tiers dans un format accessible.

**Droit au refus du traitement automatisé** : obtenir que les données ne fassent pas l'objet d'un traitement totalement automatisé sans intervention humaine.

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

# Bulletin d'adhésion : *

**Je soussigné(e) :**

Nom ........ Prénom ........ Date de naissance ........

Fonction ( cf tableau en bas de page ) ........ Promotion (année) ........ Institut : IP / ISERP / UdL / Etranger ........

Commune / Localité de travail ........ Nom de l'école ........

**Domicile :** Numéro ........ Rue ........ Code postal ........ Localité ........

Adresse électronique ........ Téléphone / gsm ........

**demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants SNE/CGFP**

# Procuration : *

**Je soussigné(e) :**

Nom et prénom ........ Date de naissance ........ Catégorie : cf tableau ci-contre ........

**autorise par la présente le Comité central du SNE/CGFP à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon compte**

Compte numéro ........

auprès de CCP / établissement bancaire ........

Date ........

Signature ........

* à remplir un bulletin par personne adhérent
et à retourner au SNE/CGFP :
- adresse postale : B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax : 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu

ou adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu

## Tableau des cotisations annuelles SNE/CGFP pour l'année 2024 (*)


sne/cgfp : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

| Catégorie | Fonction | cotisations SNE + CGFP = Total | par mois | Assurance Responsabilité Civile (**) |
|---|---|---|---|---|
| Cat. A1<br>Cat. A2<br>Cat. A3<br>Cat. A4<br>Cat. A5<br>Cat. A6 | Instituteur/trice de l'enseignement fondamental<br>Instituteur/trice de la voie préparatoire de l'EST<br>Instituteur/trice spécialisé/e I-EBS, I-DS, I-CN<br>Instituteur/trice d'un autre ordre d'enseignement<br>Chargé/e de direction, chargé/e de cours<br>Chargé/e de cours (enseignant sans concours) | 130 € + 50 € = **180 €** | **15 €** | RCpr comprise |
| Cat. B | Ménage de 2 membres affiliés | 130 € + 50 € = **180 €**<br>104 € + 50 € = **154 €**<br>**= 334 €** | **15 €**<br>**12,83 €**<br>**27,83 €** | RCpr comprise |
| Cat.C | Communauté d'enseignants: | 130 € + 50 € = **180 €**<br>104 € + 50 € = **154 €**<br>104 € + 50 € = **154 €** | | RCpr comprise |
| Cat. E | Étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger: | **0 €** | | --- |
| Cat. R | Membre retraité:<br>Ménage de 2 membres affiliés: | 50 € + 35 € **= 85 €**<br>85 € + 85 € **= 170 €** | **7,08 €** | ---<br>--- |

(*) Suivant les statuts du SNE la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en principe en février.
(**) Montants assurés : 3 718 402.87€ par évènement assuré - 1 239 467,62€ pour dommages matériels. Assurances : FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE

Librairie Ernster | www.ernster.com | +352 22 50 77 1

ernster®
l'esprit livre




MORE THAN BOOKS, A HISTORY…




| PERIODIQUE | P&T LUXEMBOURG |
|---|---|
| Envois non distribuables à retourner à: L-3290 BETTEMBOURG | Port payé PS/161 |